CSV FRAKTIOUN

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
23 JAN. 2018
3578

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 23. Januar 2018

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit biede mir Iech dës parlamentaresch Fro iwwert den EU-Agrarbudget un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeginn.

Opgrond vum bevirstoende Brexit an dem Fait dass Groussbritannien de véiert gréissten Nettozueler am EU-Budget duerstellt, wäerten der EU an Zukunft wuel manner finanziell Mëttel zur Verfügung stoen. Dëse Fait riskéiert och Repercussiounen op EU-Agrarpolitik, respektiv op déi europäesch Subside fir Landwirtschaft ze hunn.

An dësem Kontext wollt ech folgend Froen un den Här Landwirtschaftsminister stellen :

- Riskéiert den EU-Agrarbudget duerch de Brexit gekierzt ze ginn ?
- Wa jo, wei eng Repercussiounen hätt sou eng Kierzung op lëtzebuerger Landwirtschaft ?
- Wann den EU-Agrarbudget gekierzt sollt ginn, wei kéint de méigleche Réckgang un europäesche Subside fir Landwirtschaft op nationalem Niveau opgefaange ginn ?
- Ass an dësem Kontext eng national Kofinanzéierung vun de Subside fir den éischte Pilier denkbar an och ëmsetzbar ?

Här President, ech bieden Iech main déifste Respekt unzehuelen.

**Ali Kaes**
**Députéierten**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et de la
Protection des consommateurs

Dossier suivi par : M. André LOOS
Tél. : 247 82529

Réf.: 134/18

**Monsieur Fernand ETGEN**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Service Central de Législation**

**LUXEMBOURG**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
27 FEV. 2018

Luxembourg, le 27 février 2018

**Objet:** Question parlementaire n° 3578 de l'honorable Député Monsieur Aly Kaes

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, la réponse de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs à la question parlementaire citée sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre de l'Agriculture,
de la Viticulture et de la
Protection des consommateurs,

Fernand ETGEN

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et de la
Protection des consommateurs

**Réponse de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs à la question parlementaire n° 3578 de l'honorable Député Aly Kaes**

- ***Riskéiert den EU-Agrarbudget duerch de Brexit gekierzt ze ginn ?***
- ***Wa jo, wéi eng Repercussiounen hätt sou eng Kierzung op lëtzebuerger Landwirtschaft?***
- ***Wann den Eu-Agrarbudget gekierzt soll ginn, wéi kéint de méigleche Réckgang un europäesche Subside fir Landwirtschaft op nationalem Niveau opgefaange ginn?***
- ***Ass an dësem Kontext eng national Kofinanzéiereung vun de Subside fir den éischte Pilier denkbar an och ëmsetzbar?***

Duerch de BREXIT, dee vrun der Dier steet, ginn effektiv am europäesche Budget tëschent 12 a 15 Milliarden Euro verluer. Dernieft ginn et nei Erausfuerderunge wéi d'Migratiounsproblematik an d'Verteidegungspolitik, deenen sech d'Unioun muss stellen, a fir déi wahrscheinlech nei finanziell Moyen'en mussen zur Verfügung gestallt ginn.

Dëst ass de Hannergrond, virun deem Diskussiounen iwwert den zukünftegen europäesche Finanzkader no 2020 elo ugelaf sinn. Do ass natierlech och e Risiko, dass den EU-Agrarbudget ënner Drock kënnt an eventuell Kierzungen am Raum stinn, besonnesch wann déi 27 Memberstaaten net bereet si fir am Verglach zu elo méi an den europäesche Budget anzebezuelen.

Direktzuelunge vum éischte Pilier sinn 100% EU-Gelder, an eng Kierzung op EU-Niveau géif eng deementspriechend Kierzung zu Lëtzebuerg mat sech bréngen.

Am zweete Pilier gëtt et eng national Kofinanzéierung, an d'Lëtzebuerger Regierung leet bei all Euro vu Bréissel ronn 4 Euro derbäi. Hei wiere wahrscheinlech d'Konsequenze vun enger Kierzung fir de Bauer net direkt ze spieren.

Eng national Kofinanzéierung vun de Bäihëllefen am éischte Pilier ass am Moment an der PAC net virgesinn a gëtt vun enger ganzer Rei Memberstaaten vehement ofgeleent.

Ech hunn mech awer um Agrarministerrot vum 19 Februar fir eng zukünfteg Méiglechkeet vun engem nationale Kofinanzement vum éischte Pilier agesat, am Fall wou et zu Kierzunge vum Budget vum éischte Pilier sollt kommen.